Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ

Cents - Neudorf - Kirchberg DIRECT

Passerelle pour piétons et cyclistes Cents - Kirchberg

En 2006 la Ville de Luxembourg a présenté un concept vélo. Dans ce concept, une liaison cyclable entre Cents et Kirchberg était prévue, ainsi qu'un ascenseur pour piétons et cyclistes entre Pfaffenthal et la ville haute, qui sera d'ailleurs inauguré dans quelques mois. Mais malgré la présentation par la Ville de deux ébauches d'un pont reliant Cents et Kirchberg (avec ascenseur vers Neudorf), ce projet n'est toujours pas entré dans une phase concrète de réalisation.

Considérant la taille de la **ville de Luxembourg**, qui la rend particulièrement favorable aux déplacements à bicyclette, ce sont surtout les **barrières topographiques** qui freinent encore la croissance - déjà considérable - du trafic cycliste dans la capitale.

Les **interconnexions des différents quartiers** de la ville de Luxembourg, accessibles à la mobilité douce, sont actuellement assurées par l'ascenseur du St. Esprit, reliant le Grund à la ville haute, le Pont Adolphe et la Passerelle reliant le quartier de la gare à la ville haute, ainsi que le Pont Grande-Duchesse Charlotte reliant la ville au Kirchberg. Après la mise en service

- de l'ascenseur du Pfaffenthal vers le centre-ville (été 2016),
- du funiculaire de Pfaffenthal vers le Kirchberg (prévu pour 2017) et
- du pont Hamm-Cents (en projet),

seuls les quartiers de Kirchberg, Neudorf, Cents et Hamm resteraient sans connexions adéquates pour la mobilité douce.

La construction de la **passerelle Cents-Kirchberg** avec accès par ascenseur à Neudorf permettrait de **combler ces lacunes** et de garantir une interconnexion entre ces quatre quartiers d'activité et d'habitation d'envergure ainsi qu'avec le centre-ville. Cette passerelle n'offre donc pas seulement un plus pour la mobilité douce en général et particulièrement pour celle dans les quartiers concernés, ce qui fait de cette liaison un **maillon important du concept vélo** de la ville de Luxembourg, mais elle pourra aussi contribuer à la réduction d'une partie des problèmes actuels et futurs liés à la circulation automobile locale et de transit. Bien sûr, en ce qui concerne le quartier de Neudorf, ce seul projet ne pourra pas y faire disparaître toutes les entraves à la mobilité douce, mais il s'agit d'un premier pas qui pourra (et devra) être combiné à d'autres mesures pour faciliter l'accès et les déplacements cyclistes dans ce quartier.

Mais l'impact du projet dépasse de loin le cadre de la ville de Luxembourg. En effet, il possède une importance primordiale dans le cadre du développement du réseau cyclable national tel qu'il a été prévu par la loi du 28 avril 2015 relative au réseau cyclable national et aux **raccordements** de ce réseau vers les **réseaux cyclables communaux**. Cette loi prévoit la création d'un **nouvel itinéraire cyclable PC27** (itinéraire cyclable «Kiischtendall»), qui reliera la capitale à la région mosellane à travers Sandweiler, Moutfort, Bous et Stadtbredimus, et dont le début de chantier pour le tronçon gare Cents-Moutfort est programmé entre 2016 et 2018 selon le MDDI (Ministère du Développement durable et des Infrastructures).

La passerelle entre Cents et Weimershof rendra ainsi non seulement accessible le centre-ville et le Kirchberg aux habitants des **communes limitrophes à l'est de la capitale** en les faisant aboutir directement sur le tram, la PC2 et la PC31a (transversale est-ouest de la VdL) au Kirchberg, mais assurera en même temps une **liaison topographiquement favorable entre la capitale et la région mosellane**.

Nous sommes persuadés qu'une liaison cyclable et pédestre entre Cents et Kirchberg ne bénéficiera non seulement aux déplacements quotidiens, mais pourra également jouer un rôle important dans la promotion du cyclotourisme luxembourgeois. Voilà pourquoi, la LVI demande à la Ville de Luxembourg de faire avancer la réalisation du projet dans les plus brefs délais.

Nous vous invitons à soutenir cette revendication en signant notre pétition.

Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ (LVI) a.s.b.l. - 6, rue Vauban L-2663 Luxembourg
Tél 43 90 30 29 - Fax 20 40 30 29 - lvi@velo.lu - www.lvi.lu

Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ

Cents - Neudorf - Kirchberg DIRECT

Passerelle pour piétons et cyclistes Cents - Kirchberg

Är Meenung - Interesséiert Bierger hunn d'Wuert

„Ech schaffe säit 1999 um Kierchbierg a fueren all Dag vum Cents aus mam Auto dohinner fir Zäit ze gewannen. Ech waarde säit Joren op dee schonns säit laangem versprachene Projet vun der Bréck Cents-Kierchbierg, fir kënne mam Vëlo op meng Aarbecht ze fueren. Dëst wär méi ökologesch a géing mech genausou vill Zäit kaschten - wann net souguer manner - mam Vëlo, ewéi de ganzen Zirkus mam Auto. Ech muss deelweis Ëmweeër mam Auto maachen, well op munche Plaze grouss Staue sinn; dëst gëllt z.B. fir d'Kalchesbréck, wéi och fir de Weimeschhaff. Wéi einfach wär dat dach mat der laang versprachener Foussgänger- a Vëlosbréck ouni Stau op meng Schaff ze kommen!

Dorobber waarden ech elo schonns säit Joren, ëmsoss anscheinend ... “

Rolande Weydert – Awunnerin vum Cents

„De Projet vun der Bréck géing mir vill Méiglechkeete bidden: Ech kéint mam Vëlo erof an d'Neiduerf bei d'Famill fueren a mam Lift nees op den Kierchbierg eropkommen. Donieft kéint ech vum Kierchbierg direkt op den Cents Frënn besiche goen. Ausserdeem wär et méiglech, séier op Hamm an de Fitness ze fueren.“

Cyrille Horper – Awunner vum Kierchbierg

„Ech wunne säit 2008 an der „rue de Neudorf“ an hunn och do meng Veterinärspraxis säit 2004. Den Autostraffik huet enorm zougeholl. Dat ass a villen Hisiichten eng ganz grouss Nuisance wat de Kaméidi, den Auspuffgestank an de Stress ubelaangt. Mir wëssen all, datt dat net nëmmen e Problem vun der Neiduerfer Strooss ass, mee e generelle Problem iwwerall. Mir mussen ëmdenken, eis Habituden änneren an onbedéngt op eng Mobilité douce ëmklammen. Di geplangte Foussgängerbréck vum Cents op de Kierchbierg, respektiv de Lift, dee vum Neiduerf op de Weimeschhaff ging goen, wieren eng reell Chance fir vum Neiduerf aus schnell, zu Fouss oder mam Vëlo, déi zwee Quartieren ze erreechen.“

Claudie Reyland, Awunnerin aus dem Neiduerf

„Als Awunner vu Konter benotzen ech de Vëlo oft, esouwuel fir d›Fräizäit wéi fir den Alldag. Mir fueren och als Koppel vill mam Tandem.

Déi Verbindung Cents Kierchbierg wär ganz praktesch, besonnesch esoubal de Vëloswee aus dem Osten bis op den Cents gebaut ass.

Dann huet een aus där Richtung eng super Verbindung esouwuel op de Kierchbierg, de Lampertsbierg an d'Stad, a mat de Vëlosweeër an den Uelzechtdall an op Iechternach.

Do brauch ee kaum méi Zäit ewéi mam Auto, deen een dann ëmmer méi oft ka stoe loossen.“

Pit Weisgerber, Awunner vu Contern

„Ech wunnen um Cents a fueren all Dag mam Vëlo op de Lampertsbierg schaffen. Ech spueren doduerch vill Zäit a Stress, well ech ëmmer eng Parkplaz fir mäi Vëlo fannen a souguer heiansdo och méi schnell mam Vëlo ukommen, wéi wann ech giff mam Auto fueren. Ech giff mech immens iwwert d'Bréck vum Cents op de Kierchbierg freeën, well doduercher mäi Vëloswee vill méi kuerz, méi einfach an och vill manner gefëierlech giff ginn. De Moment spieren ech mech nämlech net sécher fir mam Vëlo de Clausener Bierg erop- an erof ze fueren, well d'Strooss enk ass a keng Pist fir de Vëlo virgesinn ass. Ech hoffen, datt di Neiduerfer Leit lues a lues erkennen, datt des Vëlosbréck och fir si ka vu ganz groussem Notzen a Virdeel sinn, well fir mam Vëlo vum Neiduerf aus bis op de Kierchbierg oder an d'Stad erop ze fueren ass och ganz ëmständlech a plazeweis richteg gefëierlech.“

Carine Kayser, Awunnerin vum Cents

„A menger Jugend viru 25-30 Joer sinn ech vill mam Vëlo gefuer, net just fir Bewegung ze hunn, mee och fir vun A op B ze kommen, an dat war oft vu Sandweiler an d›Stad oder op de Kierchbierg an d›Piscine. Fir an d›Stad konnt ech jo nach laanscht den décken Traffik, via amerikanesche Kierfecht an dono iwwer Hamm knéchelen. Mee fir op de Kierchbierg war et eng Weltrees. Entweder indirekt iwwer d›Stad an d'Rout Bréck retour, oder sportlech iwwer Neihaischen op d›Vëlospist um Sennengerbierg, oder de kierzten a gefëierlechste Wee duerch den Irgäertchen an dann d'Neiduerf erof an nees erop. Ech hu mech deemools immens eleng gespiert, och d›LVI hat nach keng aktiv Memberen aus der Regioun Sandweiler, op en oppene Bréif un den deemolegen Transportminister Robert Goebbels krut ech eng Trouschtäntwert, a wéi an den 90er d›Gesetz iwwer dat nationaalt Vëlosweenetz gestëmmt gouf, war am Raum Konter - Sandweiler Richtung Stad e grousse wäisse Fleck op der Kaart.

Vill vu menge Studiekollegen aus Däitschland fuere mam Vëlo op d› Schaff. Ech net. Lëtzebuerg - en dichtegt Land. Lëtzebuerg - en voie de développement.“

Guy Antony - Awunner vu Sandweiler